# Ripevusch

RIPPWEILER | EVERLANGE | USELDANGE | SCHANDEL



1/2026

**Ripevusch**

**Coverfoto** Christiane Harpes
**Relecture** Merci dem Gaby Pavant
**Layout, Conception** Apart Design Studio
**Impression** Imprimerie reka
**Tirage** 950 exemplaires

**ISSN 3028-8177**

**Redaktiounsschluss**
fir den Ripevusch 2/2026
ass den 2. August 2026

**Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Internet op www.useldeng.lu**

Das Kopieren oder Extrahieren von Text- oder Bildmaterial ohne entsprechende Genehmigung ist strengstens untersagt.

La copie ou l'extraction de textes ou d'images sans autorisation correspondante est strictement interdite.


LETZEBURG
FREI
1839-1939

# An dëser Ausgab

| | |
|---|---|
| Virwuert | 06 |
| Aus der Gemeng | 09 |
| Aus der Maison Relais | 28 |
| Dat si mir | 31 |
| Aus dem Wëlle Westen | 67 |
| Gutt ze wëssen | 71 |
| Save the date | 79 |
| Telefonsbuch | 83 |




Aus der Gemeng:
Ovatioun Pollo Bodem -
50 Joer am Dingscht vun der Politik



Dat si mir:
Chrëschtmaart



Aus dem Wëlle Westen:
Weekend vum Wëlle Westen

# Een décke Merci fir eng perfekt gutt organiséiert Ovatioun an d'Bekenntnis zum Weidermaachen!

## *Mes sincères remerciements pour une ovation parfaitement bien organisée et pour la confiance témoignée en vue de la poursuite de mon engagement.*

Léif Leit alleguer!

Ech behalen de vergaangenen 31. Januar a bleiwender dankbarer Erënnerung a si gläich direkt op deem Dag e puer Mol iwwerrascht ginn!

Eis Gemengeverantwortlich ënnert der Leedung vum Christian a Raoul aus dem Schäfferot, dem ganze Gemengerot -a gutt assistéiert vun eiser Kommunikatiounsbeoptraagter Jil Peiffer-, haten ee Programm op d'Bee gestallt, deen et wierklech an sech hat…

Mat super Rieden, professioneller Musik tëschenduerch, mat engem eenzegaartigen Presentateur Paul Montalto a mat héichkarätigen Gäscht wéi eisem Innenminister Léon Gloden, eiser Landwirtschafts- a Sportministerin Martine Hansen, de fréiere Ministere Romain Schneider, Claude Haagen a Marc Hansen, dem Éierechamberpräsident Fernand Etgen, dem Präsident vum Syvicol Emile Eicher, dem Präsident vun der DEA Charel Pauly mat deem ganze Bureau an der Direktioun, mat der Vizepräsidentin vum SEBES Simone Beissel (de Präsident André Weidenhaupt war entschëlligt am Ausland) an dem Bureau mat der Direktioun, mat quasi allen Norddeputéiert, mat menger noer Famill, mat villen Buergermeeschter/innen a Gemengevertrieder a mat sëllege Vertrieder/innen vun de Veräiner, de Kommissiounen, dem gesamten Gemengepersonal a mat ganz villen Frënn!

Si waren all komm fir mir hir Sympathie an Unerkennung fir 50 Joer Aktivitéit an der Gemeng entgéintzebréngen an si haten et fäerdeg bruecht mech total ze iwwerraschen an dobäi meng Emotiounen héich kommen ze loossen!

Bref, ee super Dag mat enorm schéinen Erënnerungen an deem ech mech zum Schluss gefrot hunn, ob ech dat verdingt hat…

Dat iwwerloossen ech awer gären iech all an och der Geschicht;- gewëss-, 8 mol hannereneen erëmgewielt ze ginn ass u sech villäicht een Exploit an dass d'Freed um weidere Gestalte vun eiser Gemeng unhält, warscheinlich och…

Mat Sécherheet ass nit alles falsch gemeet ginn an dass d'Gemeng haut sou stabil op feste Been do steet, verdanken ech och virun allem deene villen Kolleeginnen a Kolleegen aus der Politik, déi mech an all deene Jore begleet hunn-an deene

villen gudden Hänn aus der Administratioun, dem Service technique, dem Léierpersonal, der Maison Relais, den Aarbechter a villen Aneren-, déi gehollef hunn d'Schëff flott ze maachen, et an der Brandung ze halen an et mat ze steieren!

Jo, d'Politik kann och Freed maachen a fir et nun ebe Jiddwerengem alles gerecht ze maachen, ass nit sou evident!

Et gëtt a bleift Decisiounen ze huelen, déi fir deen Een an der Rei sinn a fir deen Anere warscheinlich nit.

Dat ass d'Spill vun der Demokratie soen se an dat wäert och ni aneschters ginn...

An eis vill Projet'e loossen eis nit zur Rou kommen!

Mat grousser Freed däerf ech iech matdeelen, dass eist Gesondheetshaus géint d'Fuesent d'nächst Joer hir Diere wäert opmaachen, voll besat a reservéiert fir ee Laboratoire, villen Gesondheetsberuffer an och fir ewell 2 Dokter-Generalisten- déi definitiv zougesot hunn!

D'Straussfeier war bekanntlich scho virun e puer Méint a wou och Fotoen an dësem Magazine ze fanne sinn.

Dass mer dat och an engem Rekordtempo fäerdeg kritt hunn, beweist d'Aart a Weis, wéi mer schaffen a wéi schnell mer decidéieren!

Dat ass an anere Gemengen nit onbedingt de Fall an zu Useldeng ass zënter laangem erkannt ginn: Zesummen un engem Strang zéie bréngt eis virun an de Saz l'union fait la force behält Prioritéit!

An d'Resultat léist sech weisen; jo dat ass nit aleng de Verdéngscht vun engem Eenzelnen, mee d'Leeschtung vun enger gutt agespillter homogener Equipe...

Eise Seniorenforum huet den 18. Abrëll seng 20 Joer bei engem exzellenten Iesse gefeiert an ech krut d'Geleeënheet hinnen ee waarme Merci fir hiren Engagement am Déngscht vum drëtten Alter auszespriechen.

Bei der Sportleréierung de 16. Abrëll ware mer iwwerrascht iwwert d'Villfältegkeet vun de Sportaarten déi an eiser Gemeng praktizéiert ginn an den Exploit'e vun eise jonke Sportlerinnen a Sportler.

All eis aner Veräiner ware wéi ëmmer, ganz aktiv an hunn hir Generalversammlungen an een Deel vun hiren Aktivitéite well hanneru sich!

Et dréint alles gutt an eiser Veräinswelt a stellt eis total zefridden...

Déi schéinste Joreszäit huet ugefaangen a mir freeën eis op déi kommend grouss Evenementer an eiser Gemeng: dem Galaconcert vun der Harmonie, dem Mëttelalterfest vun der Härenekipp vum Fussball an dem Nationalfeierdag, -hoffentlich bei guddem Wieder.

Bei allen Turbulenzen, Hiobsbotschaften, Krisen a Kricher, kënne mir eis glécklech schätzen an eiser klenger gebuergener Welt an eiser schéiner Gemeng ze wunnen; wuelwëssend dass och bei eis vill nei Problemer entstinn an anerer méi grouss ginn...

Ech wënschen iech all, a mengem Numm an och an deem vun de Gemengeverantwortlichen an dem ganze Personal zefridde Päischtdeeg an ee schéine Summer!

---

*Je garderai le 31 janvier dernier dans une mémoire reconnaissante et durable, et j'ai été à plusieurs reprises surpris au cours de cette journée.*

*Les responsables de notre commune, sous la direction de Christian et Raoul du collège échevinal, ainsi que l'ensemble du conseil communal et avec le précieux soutien de notre chargée de communication Jil Peiffer avaient mis sur pied un programme qui avait véritablement de la tenue…*

*Avec d'excellents discours, une musique professionnelle entre les interventions, un présentateur exceptionnel en la personne de Paul Montalto, ainsi que des invités de haut rang tels que notre ministre de l'Intérieur Léon Gloden, notre ministre de l'Agriculture et des Sports Martine Hansen, les anciens ministres Romain Schneider, Claude Haagen et Marc Hansen, le président d'honneur de la Chambre des députés Fernand Etgen, le président du SYVICOL Emile Eicher, le président de la DEA Charel Pauly avec tout son bureau et sa direction, la vice-présidente du SEBES Simone Beissel (le président André Weidenhaupt étant excusé) ainsi que leur bureau et direction, presque tous les députés du Nord, ma proche famille, de nombreux bourgmestres et représentants communaux, ainsi que de nombreux représentants d'associations, de commissions, l'ensemble du personnel communal et de très nombreux amis !*

*Ils étaient tous venus pour me témoigner leur sympathie et leur reconnaissance pour 50 années d'activité au service de la commune, et ils ont réussi à me surprendre totalement tout en faisant naître en moi une vive émotion !*

*Bref, une journée exceptionnelle avec d'innombrables beaux souvenirs, au terme de laquelle je me suis demandé*

*si je méritais tout cela…*

*Je laisse volontiers cette question à chacun d'entre vous ainsi qu'à l'histoire, être réélu huit fois consécutivement constitue peut-être en soi un exploit, et que le plaisir de continuer à façonner notre commune demeure, sans doute également…*

*Il est certain que tout n'a pas été mal fait, et que si la commune se tient aujourd'hui solidement sur ses bases, je le dois surtout aux nombreux collègues du monde politique qui m'ont accompagné toutes ces années, ainsi qu'aux nombreuses mains compétentes de l'administration, du service technique, du personnel enseignant, de la Maison Relais, des ouvriers et de bien d'autres encore, qui ont contribué à faire avancer le navire, à le maintenir à flot et à le diriger avec moi !*

*Oui, la politique peut aussi procurer de la satisfaction, et satisfaire tout le monde n'est pas une tâche évidente !*

*Il y aura toujours des décisions à prendre qui conviennent à certains et probablement pas à d'autres.*

*C'est le jeu de la démocratie, dit-on, et cela ne changera jamais… Et nos nombreux projets ne nous laissent pas de répit !*

*J'ai le grand plaisir de vous annoncer que notre maison de santé ouvrira ses portes à l'approche du carnaval de l'année prochaine, entièrement occupée et réservée pour un laboratoire, de nombreux professionnels de santé ainsi que déjà deux médecins généralistes qui ont définitivement confirmé leur venue !*

*La cérémonie du bouquet a déjà eu lieu il y a quelques mois et des photos figurent dans ce magazine.*

*Le fait que nous ayons réalisé ce projet en un temps record démontre notre manière de travailler et la rapidité de nos décisions !*

*Cela n'est pas forcément le cas dans toutes les communes, et à Useldange, il est reconnu depuis longtemps que tirer ensemble dans la même direction nous fait avancer, et que la devise « l'union fait la force » reste prioritaire !*

*Et le résultat est là, oui, ce n'est pas le mérite d'une seule personne, mais bien la performance d'une équipe homogène et bien coordonnée…*

*Notre « Senioreforum » a célébré son 20e anniversaire le 18 avril autour d'un excellent repas, et j'ai eu l'occasion de leur adresser un chaleureux merci pour leur engagement au service du troisième âge.*

*Lors de la remise des distinctions sportives du 16 avril, nous avons été impressionnés par la diversité des disciplines pratiquées dans notre commune ainsi que par les performances de nos jeunes sportives et sportifs.*

*Toutes nos autres associations ont, comme toujours, été très actives et ont déjà tenu leurs assemblées générales et réalisé une partie de leurs activités !*

*Tout fonctionne bien dans notre vie associative et cela nous satisfait pleinement…*

*La plus belle saison de l'année a commencé et nous nous réjouissons des grands événements à venir dans notre commune : le concert de gala de l'« Harmonie Useldeng », la fête médiévale de l'équipe des vétérans du football et la fête nationale, espérons-le sous un beau soleil.*

*Malgré les turbulences, les mauvaises nouvelles, les crises et les guerres, nous pouvons nous estimer heureux de vivre dans notre petit monde et dans notre belle commune, tout en sachant que chez nous aussi, de nouveaux problèmes apparaissent et que d'autres prennent de l'ampleur…*

*Je vous souhaite à toutes et à tous, en mon nom ainsi qu'au nom des responsables communaux et de l'ensemble du personnel, de joyeuses fêtes de Pentecôte et un bel été !»*



**Äre Buergermeeschter / Votre bourgmestre**

Pollo Bodem

# Aus dem Gemengerot

## 05 décembre 2025

**1. Signature des délibérations du conseil communal de la séance du 14 novembre 2025.**

Les membres du conseil communal signent les délibérations de la séance du conseil communal du 14 novembre 2025.

**2. Approbation du programme pour l'exercice 2026 conformément à l'article 7.2.8. des statuts du SICONA-centre.**

À l'unanimité des voix, les membres du conseil communal approuvent le programme pour l'exercice 2026 du syndicat intercommunal SICONA.

**3. Approbation du budget rectifié 2025 et du budget initial 2026 de l'Office social du Canton de Redange (OS CARE).**

Le budget rectifié 2025 et le budget initial 2026 de l'Office social du Canton de Redange (OS CARE) sont approuvés à l'unanimité des voix.

**4. Approbation d'un acte notarié.**

Un acte notarié (cession gratuite de terrains sis à Everlange) est approuvé à l'unanimité des voix.

**5. Approbation du nouveau règlement concernant les subsides à allouer aux associations locales.**

Le nouveau règlement concernant les subsides à allouer aux associations locales est approuvé à l'unanimité des voix et sera applicable à partir de l'année 2026.

**6. Approbation d'un projet et devis concernant la mise en état de la voirie rurale sur un chemin rural au lieu-dit « an Haassel » à Rippweiler.**

Le projet et devis concernant la mise en état de la voirie rurale sur un chemin rural au lieu-dit « an Haassel » à Rippweiler au montant de 248.250,00 € est approuvé à l'unanimité des voix.

**7. Approbation d'un contrat de prestation de services.**

Le contrat de prestation de services avec l'asbl Youth&Work est approuvé à l'unanimité des voix. Sur demande de Monsieur le conseiller Hugo Correia, le nombre de personnes concernées de la commune d'Useldange sera demandé auprès des responsables.

**8. Répartition d'heures de congé politique du conseil communal.**

Une nouvelle répartition des heures de congé politique est approuvée à l'unanimité des voix.

**9. Confirmation d'un règlement de circulation.**

Un règlement temporaire de circulation est approuvé à l'unanimité des voix.

**10. Informations et questions au collège des bourgmestre et échevins.**

Monsieur le bourgmestre Pollo Bodem informe les membres du conseil communal que des discussions sont en cours concernant l'engagement d'un agent municipal sur le niveau cantonal. Les membres du conseil communal approuvent et soutiennent cette idée unanimement.

Il informe de même les conseillers sur les sujets abordés au sein du collège des bourgmestre et échevins et sur l'avancement de divers chantiers en cours.

# 12 décembre 2025

### 1. Signature des délibérations du conseil communal de la séance du 05 décembre 2025.

Les membres du conseil communal signent les délibérations de la séance du conseil communal du 05 décembre 2025.

### 2. Vote du budget rectifié 2025 et du budget initial 2026.

Suite aux modifications apportées lors de la réunion de travail du conseil communal le 05 décembre 2025, Monsieur le bourgmestre Pollo Bodem présente les données clés du budget de l'année 2026 et informe également des modifications les plus importantes en matière de dépenses globales vis-à-vis du budget rectifié 2025.

Le budget rectifié 2025 et le budget initial 2026 sont approuvés à l'unanimité des voix selon les tableaux ci-après :

| Budget rectifié 2025 | | |
|---|---|---|
| | **Service ordinaire** | **Service ordinaire** |
| Total des recettes | 13.621.375,18 € | 3.550.668,43 € |
| Total des dépenses | 10.403.503,62 € | 8.063.839,24 € |
| Boni propre à l'exercice | 3.217.871,56 € | / |
| Mali propre à l'exercice | / | 4.513.170,81 € |
| Boni du compte 2024 | 2.989.572,58 € | / |
| Boni général | 6.207.444,14 € | / |
| Mali général | / | / |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | -4.513.170,81 € | 4.513.170,81 € |
| **Boni présumé fin 2025** | **1.694.273,33 €** | |

| Budget initial 2026 | | |
|---|---|---|
| | **Service ordinaire** | **Service ordinaire** |
| Total des recettes | 15.278.711,09 € | 11.797.789,48 € |
| Total des dépenses | 11.714.955,21 € | 17.012.142,49 € |
| Boni propre à l'exercice | 3.563.755,88 € | / |
| Mali propre à l'exercice | / | 5.214.353,01 € |
| Boni présumé fin 2025 | 1.694.273,33 € | / |
| Boni général | 5.258.029,21 € | / |
| Mali général | / | / |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire: | -5.214.353,01 € | 5.214.353,01 € |
| **Boni définitif** | **43.676,20 €** | |

**3. Approbation de titres de recette.**

Des recettes d'un montant de 5.877,00 € à l'exercice extraordinaire 2025 et des recettes d'un montant de 249.759,56 € à l'exercice ordinaire 2025 sont approuvés à l'unanimité des membres présents.

Monsieur le conseiller Pierre Da Silva est absent lors de l'évacuation de ce point de l'ordre du jour.

**4. Approbation d'une déclaration d'intention.**

Dans le cadre du projet de construction d'une maison de santé, Monsieur le bourgmestre Pollo Bodem informe les conseillers qu'une déclaration d'intention a pu être signée avec un médecin généraliste ce qui réhausse le projet dont question et que cette collaboration sera plus que bénéfique aux habitants de la commune d'Useldange et au-delà.

**5. Confirmation d'un règlement de circulation.**

Un règlement temporaire de circulation est approuvé à l'unanimité des voix.

**6. Informations et questions au collège des bourgmestre et échevins.**

Monsieur le bourgmestre Pollo Bodem informe les conseillers communaux sur les sujets abordés au sein du collège des bourgmestre et échevins et sur l'avancement de divers chantiers en cours ainsi que des dates à retenir pour les prochaines manifestations.

Finalement, Monsieur le bourgmestre Pollo Bodem remercie tous les conseillers communaux de leur collaboration durant toute l'année 2025 et souhaite à tout le monde de passer d'agréables jours de fêtes de fin d'année.

Séance à huis clos:

**7. Nomination d'un employé communal (m/f), groupe d'indemnité A2, sous-groupe administratif, à temps plein (100 %) pour les besoins du secrétariat communal comme chargé(e) de communication, des relations publiques et manifestations.**

Décision prise en séance à huis clos.

**8. Promotion d'un fonctionnaire communal.**

Décision prise en séance à huis clos.

# 27 février 2026

**1. Signature des délibérations du conseil communal de la séance du 12 décembre 2025.**

Les membres du conseil communal signent les délibérations de la séance du conseil communal du 12 décembre 2025.

**2. Approbation du programme d'activités 2026 de la commune d'Useldange pour le Pacte Climat.**

Monsieur Marc Ferber, préposé du service technique communal présente le programme d'activités pour l'année 2026. Le programme est approuvé à l'unanimité des voix.

Dans le cadre de soirées d'informations aux citoyens, Madame Christiane Harpes, conseillère, favorise à ce que les citoyens eux-mêmes puissent informer le public de leurs propres expériences concernant la mise en œuvre des pratiques pour le Pacte Climat (Best Practice).

**3. Présentation de l'évolution des principaux objectifs Pacte Climat de la commune d'Useldange.**

Monsieur Stéphane Devillet du « Kanton Réiden » présente l'évolution des principaux objectifs du Pacte Climat de notre commune.

**4. Approbation d'un procès-verbal de réception et décompte concernant le projet n° 103093 de l'Administration des services techniques de l'agriculture (ASTA).**

Le procès-verbal et décompte sont approuvés à l'unanimité des membres présents.

### 5. Droit de préemption.

Le droit de préemption concernant des parcelles sises à Rippweiler au lieu-dit « Haaptstrooss » à Rippweiler n'est pas exercé. Cette décision est prise à l'unanimité des voix.

Le droit de préemption concernant une parcelle sise à Rippweiler au lieu-dit « Haaptstrooss » à Rippweiler n'est pas exercé. Cette décision est prise avec sept voix et une abstention.

Le droit de préemption concernant une parcelle sise à Useldange au lieu-dit « um Helpersbierg » à Useldange n'est pas exercé. Cette décision est prise avec sept voix et une abstention.

Le droit de préemption concernant des parcelles sises à Everlange au lieu-dit « Im Bann » et « Im Panig » à Everlange n'est pas exercé. Cette décision est prise avec sept voix et une abstention. Le droit de préemption concernant une parcelle sise à Everlange au lieu-dit « In de Hatzheck » à Everlange n'est pas exercé. Cette décision est prise avec sept voix et une abstention.

Le droit de préemption concernant des parcelles sises à Everlange au lieu-dit « In der Irbicht » à Everlange n'est pas exercé. Cette décision est prise avec sept voix et une abstention.

### 6. Approbation d'un projet de morcellement à Useldange.

Monsieur Starsky Flor, conseiller, demande les raisons pourquoi il est procédé à ce morcellement aux alentours du château d'Useldange. Monsieur le bourgmestre Pollo Bodem donne les explications y relatives et informe le conseil communal que ce projet de morcellement a dû être réalisé du fait que les droits de propriété n'étaient pas encore fixés à ce jour.

### 7. Approbation d'un projet de remembrement à Rippweiler.

Un projet de remembrement à Rippweiler est approuvé à l'unanimité des voix.

### 8. Approbation d'un compromis.

À l'unanimité des voix, le conseil communal approuve un compromis de cession gratuite concernant des fonds sis à Schandel et ce dans le cadre d'une utilité publique à savoir l'aménagement d'un trottoir le long de la rue Duerfstrooss à Schandel.

### 9. Approbation de conventions.

À l'unanimité des voix, le conseil communal approuve les conventions suivantes pour le compte de la commune d'Useldange :

- Convention bipartite 2026 SEA (Services d'éducation et d'accueil pour enfants) signée le 19 décembre 2025 entre le collège des bourgmestre et échevins de la commune d'Useldange et l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg, représenté par Monsieur Claude Meisch, Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse fixant les modalités de gestion financière, le type de participation financière de l'Etat et les modalités de coopération entre l'Etat, la commune le cas échéant et le gestionnaire du service d'éducation et d'accueil ;
- convention de collaboration signée le 30 janvier 2026 entre la commune d'Useldange, représentée par son collège des bourgmestre et échevins actuellement en fonction, Madame Jil Peiffer, employée communale et l'asbl Kultur- a Buergfrënn Useldeng, représentée par son président, secrétaire et trésorier et allant du 01 janvier 2026 au 31 décembre 2026 ;
- convention 2025 (allant du 15 septembre 2025 au 15 septembre 2026) relative l'intervention temporaire d'enseignants de l'enseignement musical dans le cadre de projets de collaboration entre l'enseignement fondamental et l'enseignement musical communal

### 10. Arrêt provisoire du compte administratif 2024.

Monsieur le Bourgmestre Pollo Bodem donne les explications nécessaires quant au rapport dressé par le Service de Contrôle de la comptabilité communale.

L'arrêt provisoire du compte administratif 2023 est approuvé à l'unanimité des voix.

### 11. Arrêt provisoire du compte de gestion 2024.

L'arrêt provisoire du compte de gesion 2024 est approuvé à l'unanimité des voix.

### 12. Décision sur l'engagement d'étudiants et fixation des indemnités à accorder aux étudiants pendant les vacances scolaires d'été 2026.

L'engagement d'étudiants et la fixation des indemnités à accorder aux étudiants sont approuvés à l'unanimité des voix.

### 13. Fixation de l'impôt foncier 2027.

À l'unanimité des voix, le conseil communal décide de fixer l'impôt foncier 2027 comme suit :

| | |
|---|---|
| 1. Impôt foncier A : | 400 % |
| 2. Impôt foncier B1 : | 600 % |
| 3. Impôt foncier B2 : | 400 % |
| 4. Impôt foncier B3 : | 200 % |
| 4. Impôt foncier B4 : | 200 % |
| 5. Impôt foncier B5 : | 400 % |
| 6. Impôt foncier B6 : | 400 % |

### 14. Fixation de l'impôt commercial 2027.

À l'unanimité des voix, le conseil communal décide de fixer l'impôt commercial 2027 à 275 % .

### 15. Approbation de titres de recette.

Les membres du conseil communal approuvent à l'unanimité des titres de recette comme suit :

- À l'exercice extraordinaire 2025 : 882.713,35 €
- À l'exercice ordinaire 2025 : 11.672.781,74 €

### 16. Allocation de subsides extraordinaires.

Des subsides extraordinaires sont alloués à l'unanimité des voix à deux associations locales.

### 17. Confirmation d'un règlement de circulation.

Les membres du conseil communal approuvent à l'unanimité des voix un règlement temporaire de circulation.

### 18. Confirmation de la nomination d'un nouveau membre au sein de la commission scolaire.

Considérant que l'élection n'a pas eu lieu selon les règles de l'art, le conseil communal, à l'unanimité des voix, déclare l'élection du 23 octobre 2025 concernant les représentants des parents d'élèves de la commune d'Useldange comme non valable et par conséquent annule le résultat du vote.

Une nouvelle date d'élection sera fixée dans les meilleurs délais.

### 19. Informations et questions au collège des bourgmestre et échevins.

Monsieur le bourgmestre Pollo Bodem informe les conseillers communaux sur les sujets abordés au sein du collège des bourgmestre et échevins et sur l'avancement de divers chantiers. Le prochain conseil communal est fixé au 17 avril 2026.

# 17 avril 2026

### 1. Signature des délibérations du conseil communal de la séance du 27 février 2026.

Les membres du conseil communal signent les délibérations de la séance du conseil communal du 27 février 2026.

### 2. Approbation de l'avant-projet détaillé et devis concernant le projet du réaménagement des anciens terrains de tennis à Useldange.

Monsieur Marc Ferber, préposé du service technique communal, présente le projet concernant le réaménagement des anciens terrains de tennis à Useldange. Y sont prévus un un terrain multisport, un panneau basket, équipement pour le Padel-Tennis de même qu'un « parc calisthénics » (exercices de gymnastique utilisant le poids du corps). À l'unanimité des voix, le projet et le devis au montant de 523.574,12 € (TTC) sont approuvés. Les modalités d'utilisation ainsi qu'un règlement restent cependant à être élaborés en temps opportun.

### 3. Droit de préemption.

Le droit de préemption concernant des parcelles sises à Everlange aux lieux-dits « Im Bann » , « Im Panig », « Um Hohgericht » et « Auf Blanert » à Everlange n'est pas exercé. Cette décision est prise à l'unanimité des voix.

### 4. Approbation de titres de recette.

Les membres du conseil communal approuvent à l'unanimité des titres de recette comme suit :

- À l'exercice extraordinaire 2025 : 1.491,61 €
- À l'exercice ordinaire 2025 : 249.955,00 €
- À l'exercice ordinaire 2026 : 1.217.867,82 €

### 5. Décompte de travaux extraordinaires.

Le décompte concernant le projet d'une installation de sonorisation au hall sportif à Useldange au montant de 39.667,68 € est approuvé unanimement.

### 6. Dépôt et approbation des statuts de l'association Halto asbl.

À l'unanimité des voix, le dépôt et l'approbation des statuts sont acceptés par les membres du conseil communal. Des informations

supplémentaires peuvent être recueillies sur le site internet : www.halto.lu

**7. Pacte Nature – Concept de communication afin d'informer et de sensibiliser ses citoyens sur les thématiques de la protection de la nature et de l'eau ainsi que celle du développement durable de la commune d'Useldange, dans le cadre du Pacte Nature, selon le point 6.1. du catalogue de mesures du Pacte Nature – Décision.**

À l'unanimité des voix, le concept de communication élaboré par Madame Jil Peiffer, responsable de communication de la commune d'Useldange, est approuvé. Monsieur Raoul Schaaf, échevin responsable, remercie Madame Peiffer pour son excellent travail.

**8. Confirmation d'un règlement de circulation.**

Les membres du conseil communal approuvent à l'unanimité des voix un règlement temporaire de circulation.

**9. Changement dans les commissions consultatives communales.**

La démission d'un membre des commissions consultatives communales suivantes est acceptée à l'unanimité des voix :

- Commission des sports, de la jeunesse et de la famille,
- Commission du vivre-ensemble interculturel
- Commission de l'environnement, de la circulation et des chemins communaux ;

Une vacance de poste est publiée dans cette édition du Ripevusch.

**10. Informations et questions au collège des bourgmestre et échevins.**

Monsieur le bourgmestre Pollo Bodem informe les conseillers communaux sur les sujets abordés au sein du collège des bourgmestre et échevins et sur l'avancement de divers chantiers. Le prochain conseil communal est fixé au 22 mai 2026.

## Appel à candidatures pour les commissions communales

Suite à la démission d'un membre, il est porté à la connaissance du public qu'un poste est à pourvoir au sein de chacune des commissions communales suivantes :

- Commission des sports, de la jeunesse et de la famille ;
- Commission du vivre-ensemble interculturel ;
- Commission de l'environnement, de la circulation et des chemins communaux.

Les personnes intéressées sont priées d'adresser leur candidature pour une ou plusieurs commissions, dûment signée, par voie postale à l'adresse suivante :
2, rue de l'église / L-8706 Useldange

**Publications**

*Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, dans sa séance du 05 décembre 2025 a approuvé le règlement communal sur l'attribution de subsides ordinaires aux associations locales.*

*La délibération y afférente est à disposition du public à la maison communale d'Useldange du 23 décembre 2025 au 06 janvier 2026 inclusivement*

*Le collège des bourgmestre et échevins de la commune d'Useldange certifie par la présente que l'avis ci-avant a été publié à partir du 23 décembre 2025 au 06 janvier 2026 inclusivement et sera publié au bulletin communal (RIPEVUSCH) distribué aux citoyens de la commune d'Useldange (cf article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988).*

---

*Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, dans sa séance du 19 septembre 2025 a modifié le règlement communal de circulation.*

**Approbation commission de circulation de l'État : ccc/rc/25/7526 du 02 octobre 2025.**

**Approbation ministérielle (M.A.I.): 322/25/CR du 09 octobre 2025.**

*La délibération y afférente est à disposition du public à la maison communale d'Useldange du 20 octobre 2025 au 03 novembre 2025 inclusivement.*

---

*Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, dans sa séance du 05 décembre 2025 a approuvé le règlement communal sur l'attribution de subsides ordinaires aux associations locales.*

*La délibération y afférente est à disposition du public à la maison communale d'Useldange du 23 décembre 2025 au 06 janvier 2026 inclusivement.*

# Do wou geschafft gëtt




Centre culturel Rippweiler



Centre culturel Everlange

**D'Gemeng deelt mat dass op follgende Plazen Defibrillatoren installéiert gi sinn:**

- Centre Culturel Rippweiler
- Centre Culturel Iewerleng
- Kierch Schandel

**Op de follgende Plazen hänken se scho säit längerer Zäit:**

- Um neie Fussballsterrain bei der Buvette
- Centre Culturel Useldeng



Église Schandel



Maison Traufler




Maison Traufler




Gesondheetshaus


Gesondheetshaus

# Straussfeier vum neie Gesondheetshaus

De 16. Januar hunn de Schäffen- a Gemengerot op d'Straussfeier vum neie Gesondheetshaus agelueden.

No enger Visitt mat de spéidere Locatairë, gouf d'Mëttespaus zesumme mat de Vertrieder a Patrone vun de bedeelegte Firme souwéi den Aarbechter vum Chantier verbruecht.

An Zukunft wäerten hei follgend Servicer fir d'Leit zur Verfügung stoen:

- Een Dokteschcabinet fir zwee Dokteren
- Ee Labo fir medezinesch Analysen
- Ee Cabinet fir Kinesitherapie fir méi Kineeën
- Een Cabinet fir Ergotherapie
- 3 Cabinete fir Psychologen, Psychotherapeuten, etc







FOTOEN: CHAREL REISER

# Ovatioun Pollo Bodem 50 Joer am Dingscht vun der Politik
















USELDENG






CENTRE CULTUREL






CENTRE CULTUREL











TEXT & FOTOEN: MAISON RELAIS

# Bei de Flieder-mais



Buerfelt








**Projet vun de 5 Reegelen**

Gemeinsam mat de Kanner hu mir ee grousse Projet gestart iwwer eis zukünfteg Gesetzer. Dës sinn: keng Gewalt, Respekt virum Material, perséinlech Géigestänn doheem loossen, keng béis Wierder notzen an eis raimlech Limite vun der Maison Relais anhalen. Déi 5 Gesetzer hu mir a Gruppe beaarbecht a Plakater dozou erstallt, déi dono och visibel an der Maison Relais wäerte sinn.











**Bakatelier Fuesvakanz**

An der Fuesvakanz huet Grouss a Kleng Clownemuffins a Fueskichelcher gebak. Si hate vill Freed drun.

## Buerfelt

An der Fuesvakanz huet ee Grupp Kanner de Buerfelt entdeckt. Ugefaang huet et domat, dass si eng Halterung fir Vullefudder gebaut hunn. Dono hu si een Trëppeltour bis bei de Buerfelter op den Aussichtspunkt gemaach, wou si eng Vue op de Stauséi haten.

Zum Schluss hu si de “Centre nature et fôret“ besichtegt, wou si kleng Statiounen duerchgeschafft hunn.





## Lipgloss

Di grouss Kanner konnten d’Erfarung sammelen, aus natierleche Produiten hiren eegene Lipgloss hierzestellen. Kanner waren immens begeeschtert a konnten en direkt dono ausprobéieren.





TEXT & FOTO: CHAREL REISER

# D'Madame Madeleine Nierenhausen-Kremer feiert 95 Joer



Mat 95 Joer nach relativ fit ze sinn, dat Gléck huet d'Madeleine Nierenhausen-Kremer, déi hire Gebuertsdag zesumme mat der Famill, doheem konnt feieren.
Fir de Buergermeeschter Pollo Bodem mat sengen zwee Schëffe Christian Frank a Raoul Schaaf, war et duerfir och eng Éier, fir dem Gebuertsdagskand zum 95. Liewensjoer mat enger schéiner Coupe Orchideeën am Numm vun der ganzer Gemeng häerzlech ze gratuléieren.

A senger Laudatio huet de Buergermeeschter dat aktiivt Liewe vun der Jubilarin ervirgestrach, déi den 10. Februar 1931, als dat eelst vu véier Kanner vum Jos Kremer vu Stengefort an Anne Wies vun Hoen d'Liicht vun der Welt erbléckt huet. De 24. Juni 1953 huet d'Madeleine Kremer sech mam René Nierenhausen vun Useldeng bestuet. Aus hirem Bestietnis sinn hir zwou Duechteren, Ginette a Sylvie, op d'Welt komm. Zesumme mat hirem Mann René hunn déi zwee vill Clienten an hirem  Kleedergeschäft zu Useldeng bedéngt, fir dann d'Geschäft den 1. August 1994 definitiv opzeginn. Duerno huet sech d'Famill Nierenhausen an hiert Wunnhaus niewendrun zum gemeinsame Liewensowend zeréckgezunn.

Des Weideren huet de Pollo Bodem d'Madeleine Nierenhausen-Kremer als "Grande Dame" innerhalb vun der Gemeng bezeechent, déi ëmmer ganz zeréckhalend hirem léiwe Mann nit nëmmen am Geschäft awer och als aktive Veräinsmensch ëmmer trei zur Säit stoung. Leider ass de René Nierenhausen den 19. Februar 2022 verstuerwen.

Zu de Gratulanten hunn och d'Mady Wolff-Tholl als Presidentin mam Anny Linster a Vertriedung vum Senioreveräin Useldeng geéiert. Duerno ass d'Glas erhuewe ginn an zesumme mat der Famill op weider gesond Jore geprost ginn.

TEXT: CLAIRE KOSTER

# Club des Jeunes Useldeng

## Kniddelowend zu Iewerleng

De 15. November 2025 hate mir eise Kniddelowend zu Iewerleng am Centre Culturel. Um Menü stounge Kniddele mat Speck a Ram, Kniddele mat Wäinzoossiss a Moschterzooss, Kniddele mat Kompott, wei och rëm eis Champignonszooss.

Dëst Joer hate mir net nëmmen eis üblech Tombola, mee mir haten och eng Stee, wou sämtlech Gadgete versteet ginn si fir de gudden Zweck u kriibskrank Kanner asbl. Eise Fuusspetzi ass fir 1.000€ un eisen Nopeschveräi Vichten (Club2000) gaangen.



Kniddelowend

## Silvester

Mëttlerweil ass et schonn Traditioun ginn, fir mam Club des Jeunes zesummen an dat neit Joer ze starten. Bei enger gudder Raclette am Clubsall hu mir 2025 Revue passéiere gelooss, fir dann um 00:00 Auer zesummen op dat neit Joer ze prosten.

## Après-Ski 2026

De 17. Januar 2026 hu mir eis Après-Ski am Hannerhaff vum Centre Culturel, ënner fräiem Himmel, am Schied vun der Buerg organiséiert.

Natierlech hu mir d’Partygänger net nëmme flësseg versuergt, mee et gouf och eppes fir de klengen Honger.



Après-Ski

Op der Menüskaart stounge Gromperekichelcher, eisen „Après-Cheeseburger“ e Burger aus Beeffleesch a Racletteskeis, wéi och eisen „Bergrösti Burger“ e Burger aus Beeffleesch mat engem Gromperekichelchen.

Den Dj CS huet fir déi richteg Après-Ski Stëmmung gesuergt an de Bal war e vollen Erfolleg.



Après-Ski

**Info**

### Wéi kann een dem Club des Jeunes Useldeng bäitrieden?

Du bass aus der Gemeng Useldeng, hues mindestens 15 Joer, Loscht bei eisen Aktivitéiten am Duerf matzemaachen oder mat eis op aneren Aktivitéite Spaass ze hunn? Da bass du bei eis genau richteg. Fir Member ze ginn oder bei weidere Froen, kanns du dech gäre bei eis mellen.

- Facebook: Club des Jeunes Useldeng
- Instagram: cdj.useldeng
- Mail: cdjuseldeng@gmail.com



Buergbrennen



Buergbrennen



Buergbrennen



Buergbrennen

## Buergbrennen 2026

De ganze Buergbrenneweekend ware mir fläisseg um schaffen. Freides hu mir d'Buerg gebonnen, den Dag drop ware mir mat eisem Won duerch d'Duerf gefuer, fir da Sonndenowend eist traditionellt Buergbrennen um Ökoparking ofzehalen.

Bei engem gudde Chilli oder engem Béier konnte mir zesummen nokucken, wéi de Wanter verbrannt gouf, och wann d'Wieder eis d'Ufänke vun der Buerg net sou einfach gemaach huet.

TEXT: RAOUL SCHAAF

# Grouss Botz 2026




Och 2026 hat d'Ëmweltkommissioun opgeruff, fir sech un der Grousser Botz an der Gemeng ze bedeelegen. Et kéint ee jo elo soen, dass wa jidderee säin Dreck op der richteger Plaz entsuergt, da bräicht een esou eng Botz guer net ze organiséieren. An di richteg Plaz ass nun eemol d'Poubelle, déi blo Tut, d'Superdreckskëscht oder de SIDEC an net den ëffentleche Raum.

Et hate sech also den 21. Mäerz eng ronn 40 Mënschen zesummefonnt, fir d'Weeër vun de véier Dierfer vun eiser Gemeng ofzetréppelen a lénks a riets den Dreck opzerafen, deen de Wee net op di richteg Plaz fonnt hat.

Wéi och schonns di lescht Joren, war an all Duerf eng Equipe präsent, fir déi Aarbecht ze maachen. Ugefaangen huet et mam Café-Croissant, fir da frësch gestäerkt lasszegoen. Den Treffpunkt um Enn vun de jeeweilegen Toure war dës Kéier zu Schandel. Et gouf dann do am Centre Culturel e Patt ze drénken an eng defteg Zopp, fir dass och kee sollt hongreg mussen heemgoen.

Zwou Observatioune vun deem Dag sinn et derwäert, fir festgehalen ze ginn. Di éischt ass, dass bei der grousser Botz 2026 ganz vill Kanner mat dobäi waren, déi de ganze Wee mat grousser Motivatioun matgemaach hunn. Méi fréi kann een d'Sensibiliséierung op de Wäert an de Räichtum vun der Natur eigentlech net ufänken.

Déi zweet ass, dass dëst Joer wesentlech manner Dreck fonnt ginn ass wéi di Jore virdrun. Aus enger optimistescher Vue eraus, kéint ee mengen, dass de Message, dass den ëffentleche Raum keng Dreckskëscht ass, endlech ukomm ass. Ma villäicht sinn et och grad eis jonk Mënschen, eis Kanner, déi deenen Erwuessene soen, dass ee keen Dreck an d'Natur gehäit.

Nach eemol e grousse Merci am Numm vun der Gemeng un all déi Leit, di bei der Editioun 2026 dobäi waren, fir hiren Asaz an hiren Engagement.



# HALTO – Austausch, deen Halt gëtt

Zanter Januar 2026 gëtt et eng nei ASBL an der Gemeng Useldeng: HALTO.

HALTO ass en Netzwierk vu betraffenen Eltere fir betraffen Elteren, Familljen a Mënschen, déi sech ëm eng Persoun mat enger Beanträchtegung oder enger chronescher Krankheet këmmeren, onofhängeg vun der Diagnos.

De Kär vun HALTO ass den Austausch tëscht Betraffenen, de sougenannte Peer Support.

## HALTO wëll virun allem dat schafen, wat am Alldag esou dacks feelt: e Raum, an deem ee sech gesi fillt an net eleng ass.



An dat ass méi wéi just e Gespréich.

Fuerscherinne vun der University of California, Santa Barbara hu gewisen, wéi wichteg et ass, sech a schwéieren Zäiten net zeréckzezéien, mee a Verbindung ze goen, dat nennt een „tend&befriend". Wa Mënschen sech austauschen, geschitt eppes am Kierper: de Stresshormon Cortisol geet erof, Oxytocin, d'Bindungshormon, klëmmt, de Bols berouegt sech, an de Kierper a säin Nervesystem kommen erëm an e méi rouegen Zoustand.

Dëst nennt ee Co-Regulatioun.

Am Gespréich mat aneren, déi nolauschteren a verstinn, entsteet Raum, Raum fir ze ootmen, fir nei Perspektiven ze gesinn, fir Méiglechkeeten ofzeweien an nei Weeër ze fannen.

Esou gesinn ass en Treffen net nëmmen Austausch. Et ass och Entlaaschtung, Gesondheetsvirsuerg an e Raum fir ze denken.

Genee esou war och eist éischt Treffe vum CareMeet Café.

Mir hunn eis zu Iewerleng getraff, wou d'IBS eis hire schéine Raum zur Verfügung gestallt hunn. Et war e rouegen, waarme Moment, an deem Mënschen sech begéine konnten, ouni Drock an ouni Erwaardungen.

No enger kuerzer Virstellung vun HALTO, stoung den Austausch am Mëttelpunkt.

Wichteg dobäi: HALTO versteet sech als eng Initiativ, déi organesch mat hire Membere wiisst.

Jiddereen ass wëllkomm, sech anzebréngen an HALTO matzegestalten, ëmmer ausgeriicht un deem, wat Betraffener wierklech brauchen.

**Eis Treffe sinn op fir jiddereen, egal ob jonk oder al.**

**Et gëllt: Alles däerf, näischt muss.**

Déi nächst Datumer fannt Dir op eise Facebook- an Instagram-Säiten, mee och am Manifestatiounskalenner vum Ripevusch.

Méi iwwert d'Entstoe vun HALTO, eis aner Beräicher an eis Visioun, a wat mir nach wëlle beweegen, kënnt Dir an enger nächster Editioun vum Magazin aus dem Réidener Kanton liesen.



Info

**Fir weider Informatioune kënnt Dir eis Websäit besichen:**

- www.halto.lu
- Tel: (+352) 621 243 103
- Mail: info@halto.lu



TEXT: BRENDA BRÜCK / FOTOEN: CHAREL REISER

# Wanterconcert 2025

Den 20. Dezember 2025 huet d'Harmonie Useldeng hire Wanterconcert an der Kierch zu Useldeng gespillt. D'Kierch war bis op déi lescht Plaz gefëllt, an de Public konnt sech op e stëmmungsvollen a musikalesch flotten Owend freeën.



De Concert gouf vum Jugendensembel opgemaach, dëst ënnert der Direktioun vum Karin Pick. Mat vill Engagement a Freed um Spillen hunn déi jonk Musekerinnen a Museker de Public direkt begeeschtert.

Am Uschloss dorun huet déi grouss Musek d'Bün iwwerholl. Ënnert der Leedung vum Christophe Weiland gouf e variéierten a flotte Programm presentéiert, deen de Public duerch de ganzen Owend gefouert huet a mat vill Applaus belount gouf.
Vun engem Euphoniumssolo, gespillt vun onsen eegene Musikante Jérôme Heirendt a Gérard Schockmel, bis hin iwwer weider flott a bekannte Melodië war fir jiddereen eppes dobäi.



Duerch de Programm vum Owend huet de Claude Metz geféiert, deen op eng sympathesch Manéier d'Stécker ugekënnegt a fir fléissend an harmonesch Iwwergäng gesuergt huet.

De Wanterconcert 2025 war domat erëm e grousse Succès fir d'Harmonie Useldeng an e schéinen Ofschloss vum Museksjoer.

TEXT: MAX KOSTER / FOTOEN: CLAUDE HOSTERT

# Generalversammlung vun der Harmonie Useldeng

Sonndes, den 1. Februar 2026 hat d'Useldenger Musik hir alljärlech Generalversammlung zu Iewerleng am Centre Culturel ofgehalen.

Nieft der Begréissung vum Präsident, dem Virstelle vum Aktivitéitsrapport an dem Keeserapport, d'Unhuele vun deenen zwee Rapporten, d'Entlaaschtung vum Caissier a vum Comité an een Ausbléck op dat wat 2026 op eis duerkënnt, hu mir dëst Joer och 2 nei Comitésmemberen an eise Reien opgeholl. Dat wieren d'Léontine Anzia an d'Brenda Brück.

De Comité setzt sech follgendermoossen zesummen:

- Georges Boudler, Präsident
- Heng Steimes, Vize-Präsident
- Karin Pick, Sekretärin
- Roland Wald, Caissier
- Max Koster, Member
- Romain Sclisizzi, Member
- Malou Grasges, Member
- Léontine Anzia, Member
- Brend Brück, Member

An dësem Kader war et dann och erëm un der Zäit Medailen u verdéngschtvoll Membere vun der Harmonie Useldeng ze verdeelen, dëst a Präsenz vum Här Buergermeeschter Pollo Bodem an dem Här Roger Roulling, Vize-Präsident vun der UGDA.

Esou si follgend Musikante fir hire laangjäregen Asaz geéiert ginn (an alphabetescher Reiefolleg), hinnen ee grousse Merci fir hiren Asaz am Déngscht vun eisem lokale Museksverein.

- Brück Laurent, Insigne
- Da Silva Santos Cyndie, médaille de mérite en bronze
- Elsen Emile, médaille de mérite en vermeil
- Elsen Patrick, médaille de mérite en argent
- Fidalgo Antoine, Insigne
- Frank Guy, médaille en mérite en vermeil avec palmette
- Jacoby Roger, médaille en argent Grand-Duc Adolphe







- Jung Sven, médaille de mérite en vermeil
- Loor Lisa, Insigne
- Pleimelding Claude, médaille en vermeil Grand-Duc Adolphe
- Sinner Christian, médaille de mérite en vermeil avec palmette
- Van De Vondel David, Insigne
- Van De Vondel Léonie, Insigne
- Weinachter Martine, médaille de mérite en vermeil avec palmette

Duerno hu mir nach vum Moment profitéiert, eisem Buergermeeschter fir 50 Joer Gemengepolitik ze gratuléieren.

Ee weidere Jubiläum war fir de Georges Boudler. Hie steet säit 2016 an domat iwwer 10 Joer un der Spëtzt vum Veräin. Och hie krut dofir ee klenge Kaddo iwwerreecht.

No deem offiziellen Deel, huet d'Musik all hir Memberen zesumme mat Partner a Famill op ee gemeinsaamt Mëttegiessen agelueden.





PHOTO: KENNETH TAAL / TEXT: BRÜCK BRENDA

# Ouschteren un der Atert

Den 22. Mäerz huet d'Ouschterzäit och dëst Joer erëm vill Leit op eisen traditionellen Ouschtermaart vun der Useldenger Musek gelackelt.

Am Sall ware kreativ Stänn opgebaut, wou d'Leit handgemaachten Dekoratiounen an aner flott Iddien entdecke konnten.

Déi gemittlech Atmosphär huet vill Visiteuren agelueden, e bëssen ze bleiwen an den Nomëtteg ze genéissen.

Fir déi musikalesch Ënnerhalung war och gutt gesuergt: D'Mäerzeger an d'Äischener Musek hunn den Ouschtermaart mat flotte Kläng ënnermoolt an eng besonnesch Stëmmung geschaf.

Mat hire Stécker hu si de Public begeeschtert.

De Maart war gutt besicht an huet nees gewisen, wéi vill Wäert esou Evenementer fir d'Zesummeliewen hunn.

D'Harmonie Useldeng kann domat op eng gelongen a flott Manifestatioun zeréckblécken.





PHOTO: KOSTER MAX / TEXT: BRÜCK BRENDA

# Musikstage 2026

D'Harmonie Useldeng huet rezent hiren traditionelle Prouweweekend organiséiert, dat sech iwwer e ganze Weekend erstreckt huet. D'Museker-innen an d'Museker ware gutt vertrueden an hu mat vill Engagement un de verschiddene Prouwen deelgeholl.

Nieft de gemeinsame Prouwen am grousse Krees gouf och a méi klenge Gruppen intensiv un eenzelne Stécker geschafft. Dës ofwiesslungsräich Aarbecht huet et erméiglecht, souwuel um Zesummespill wéi och un de musikaleschen Detailer ze feilen.

Och d'Gesellegkeet ass net ze kuerz komm: An der Mëttesstonn gouf zesummen am „Péitche Lauer" giess, an als Ofschloss vum Weekend gouf e Samschdegowend nach gemittlech gegrillt. Dës Momenter hunn och zum Teambuilding bäigedroen an de gudden Zesummenhalt an der Harmonie gestäerkt.

De Stage-Weekend war eng wichteg Etapp an der Virbereedung op eise Galaconcert den 23. Mee 2026 an der Sportshal zu Useldeng. D'Harmonie Useldeng kuckt motivéiert no vir a freet sech schonn, dem Public e flotte musikaleschen Owend ze bidden.

Vergiesst net, Iech fir de Galaconcert unzemellen, et gëtt magesch. Kommt a loosst Iech verzaubere vu ville schéine Melodien a Kläng.







# Iewerlenger Bréckestäiler

Léif alleguer, bei den Iewerlenger Bréckestäiler stinn d'Wanterméint, am Géigesaz zu villen aneren, ganz am Zeeche vun Aarbecht a Stress.

Sou ware mir iwwert de Kleeserchers-weekend um Chrëschtdag op der Buerg zu Useldeng engagéiert, wou mir, wéi di Jore virdrun, eise Fokus op dat läiblecht Wuel geluecht hunn. Nieft eisem Flammlachs gouf gegrillt, Champignone gebroden an natierlech och fir e gudde sëffege Patt gesuergt. D'Wieder war wuel net dat Bescht, an dach huet et eis gefreet, dass vill Leit de Wee bis op d'Buerg a bei eise Stand fonnt haten.

Wann de Wanter naass a kal ass, gëtt et just ee Reméid fir dem entgéintzewierken. E muss verbrannt ginn! Dat hu mir um Buergsonndeg nees mat ganz groussem Succès gemaach. Wéi schonn op der Buerg, war d'Wieder och hei net terribel. An dach hate sech eng 60 Kanne an eisem Fakelbauatelier ageschriwwen, soudass mir e flotten a ganz éierbare Fakelzuch zesummekruten. Matt e bësse Krämpes hu mir eis Buerg dann och un d'Brenne kritt. Et war dëst eist drëtt Buergbrennen, an et schéngt, wéi wa säi Ruff lues awer sécher iwwert d'Grenze vun eiser Gemeng erausklëngt. Et koumen nämlech och Famille vun auswäerts, wat mir begréisst hunn. A wéi schonn op eiser Facebooksäit erwäänt, ware mir besonnesch frou iwwert d'Disziplin vun de Kanner an hiren Elteren. Et gouf weeder Knascht hannerlooss, nach si mir Stonne ronderëm gelaf fir Fläschen anzesammelen. Sou mécht et Freed eppes ze organiséieren!

Den Donneschdeg, den 19. Mäerz hate mir dann eis Generalversammlung zesumme mat de Schandeler Duerffrënn. Och dës war zimmlech gutt besicht, quitte dass di Schandeler d'Nues elle wäit vir hate wat de Prozentsaz vu vertruedenen Duerfleit ugoung. Besonnesch hu mir eis dann awer och iwwert d'Präsens vun eisem Buergermeeschter, sengen zwee Schäffen an e puer Vertrieder



aus dem Gemengerot gefreet.
De Pollo huet a senger Ried eis an de Schandeler Duerffrënn hir Aarbecht gelueft an eis encouragéiert sou weiderzemaachen. De Raoul an de Christian hate sech dann als Keeserevisore vun eisen zwee Veräiner engagéiert an eis Keessjeeë kruten dunn och hire Seegen, dass eis Konten anstänneg gefouert géifen. Dorop gouf et dunn e gudde Patt an e Pain Surprise offréiert vu béide Veräiner.



Am Januar, Februar a Mäerz hat dann och eise Bistro um éischte Sonndeg vum Mount nees seng Dieren op, an all Apero war richteg gutt besicht. De 5. Abrëll koum bekanntlech den Ouschterhues, an dem Bistro seng Diere sinn deen Dag zou bliwwen. Mir freeën eis awer schonn op den 3. Mee, wou mir de verlängerte Weekend vum éischte Mee da gemittlech beim Aperitif wäerten ausklénge loossen.

A fir dass e net vergiess, respektiv den Dag verplangt gëtt, deele mir hei scho mat, dass e Samschdeg, den 11. Juli eisen *Duck Race* zu Iewerleng wäert stattfannen, dat wéi ëmmer, mat Live Musek vu Maybe2, enger Strëpp vun der Useldenger Musek, enger spannender Intecourse, engem Patt fir d'Mamm an de Papp, räichlech Gefrups a ganz vill gratis Animatioun fir eis Jéngst.



## Mir feeën eis op iech!

Sief et um Apero oder op engem vun eise Festercher! Bis dann!

TEXT: HUGO CORREIA ISIDORO FIR D'KOMMISSIOUN FIR SPORT, JUGEND A FAMILL

# Zirkuszauber fir kleng a grouss Kanner zu Useldeng

Vum 30. Mäerz bis den 1. Abrëll gouf Useldeng zur grousser Zirkusbün: 60 Kanner aus der Gemeng hunn zesumme mam Marc Strasser alias Jonn Happi d'Magie vum Zirkus erlieft.

Am Laf vum Moie war et richteg flott: D'Kanner vun der Maison Relais an d'Mini-Artisten hu mat Jongléierdicher, rullende Fässer, Trapezer a klengen Zaubertricke geüübt. Iwwerall huet ee frëndlech Sätz héiere wéi se gesinn hunn, wat si alles selwer kënnen.

Mëttes hunn d'Junior-Artisten d'Bün iwwerholl, gefollegt vun de Lycées-Artisten. Stelzen, Trapez, Diabolo, déi Jonk Artisten hu mat vill Begeeschterung gewisen, wat si geléiert haten.

Den Héichpunkt koum den 1. Abrëll: An engem feierleche Kader, am Bäisi vum Buergermeeschter, Membere vum Schäffen- a Gemengerot a villen Elteren, huet den Hugo Correia Isidoro all jonkem Artist säi verdéngten Zirkus-Diplom iwwerreecht. Stolz Gesiichter, stralend Aen, ee Moment voller Unerkennung fir Kreativitéit.

Am „Family Spezial" um Enn vum Dag konnt grouss a kleng nach eemol d'Zirkusstëmmung erliewen a selwer an d'Roll vun engem Artist schlüpfen. Begeeschterung a Laachen hunn d'Hal gefëllt.

Als Kommissioun hu mir gesinn, datt d'Kanner flott Deeg verbruecht hunn an dass si och als Grupp gutt zesummegeschafft hunn an et ass eppes wat nach laang an Erënnerung bleift.

D'Réckmeldunge beim Ofschlosspatt waren och ganz positiv, esou dass mir probéieren, an Zukunft weider esou Aktivitéite fir kleng a grouss ze organiséieren.

D'Kommissioun fir Sport, Jugend a Famill bedankt sech häerzlech bei alle Kanner, Familljen an och bei der Gemeng, déi dës onvergiesslech Zirkusdeeg méiglech gemaach hunn.





TEXT: HUGO CORREIA ISIDORO / FOTOEN: CHAREL REISER

# Sportleréierung



Bei der dësjäreger Sportleréierung huet d'Commission des Sports, de la Jeunesse et de la Famille zesumme mat der Gemeng de Sportler fir hir gutt Resultater an der Saison 2024-2025 gratuléiert.

Am ganze goufen 38 Sportler geéiert a kruten en Diplom souwéi e klenge Kaddo iwwerreecht.

Duerno gouf zesumme bei engem klenge Maufel an engem Patt ee flotten Owend verbruecht.




Sportif méritant
2024 / 2025
Commune Useldange
GEMENG
USELDENG




Carole NELISSEN


BOUDLER Pit
KOSTER Max
KLEER Nico
MANONI
Louis


LAFONTAINE Laurent
MAUSEN Eric
SCHOUMACHER Diane












## Heimat drécke mir de Sportler nach eng Kéier all eis Felicitatiounen aus a wënschen hinne vill Succès fir déi nächst Saison.

TEXT: GERRY BIESER / FOTOEN: CHRISTIANE HARPES

# Chrëschtdag op der Buerg 2025

2025 war et déi 11te Kéier dass eisen traditionelle Chrëschtmaart op der Buerg stattfonnt huet. Eis eenzegaarteg Kuliss huet och dëst Joer vill Léit ob eis Buerg bruecht och wa Sonndes d'Wieder net sou matgespillt hat.

Dofir hunn sech eis Veräiner an d'Leit vun de Verkafsstänn immens vill Méi gi fir de Visiteuren en exceptionelle Weekend ob der Buerg ze bidden.

Et gouf de ganze Weekend eng flott musikalesch Ënnerhalung um Site, an de Jugendensembel vun eiser Harmonie huet an der Kierch e schéine Concert gespillt, zesumme mat Liesunge fir d'Kanner organiséiert vun der Kierch am Duerf.

E grousse Merci geet un d'Gemengepersonal, d'Kultur- a Buergfrënn, d'Veräiner, d'Aussteller an u jiddereen dee matgehollef huet fir dass d'Editioun 2025 vum Chrëschtdag op der Buerg erëm e flotte Succès war.

Mir freeën eis ob déi nächst Editioun, mat hoffentlech schéinem wanterlechem Wieder.








RED SAX
RED SAX
RED SAX
RED SAX




















14



# OPRUFF
# Commune ART

Du wunns an der Gemeng Useldeng a wëlls deng Konscht vum 20. bis 22.11.2026 ausstellen? Da mell dech bei eis: christiane.harpes@useldeng.lu

---

Vous habitez dans la commune d'Useldange et souhaitez exposer votre art du 20 au 22 novembre 2026 ? Alors contactez-nous dès maintenant : christiane.harpes@useldeng.lu

---

Do you live in the municipality of Useldange and would like to exhibit your art from November 20–22, 2026? Get in touch with us: christiane.harpes@useldeng.lu

Kultur a Buergfrënn Useldeng a.s.b.l.

# Rippweiler Jugend




Hannen: Nick Barthel, Pitt Harpes, Amy Thill, Noah Kerschen
Member am Comité : (Vir) Milena Schroeder, Joe Harpes, Louis Mootz (Absent)

## Mat eisem Schwong am Comité, kënnt nees eng nei Ära an de Veräin a mir sichen ëmmer motivéiert Jonker, déi eisem klenge Veräi bäitriede wëllen.

D'Rippweiler Jugend gëtt et schonn zanter enger laanger Zäit. Wann eis Recherchë richteg sinn, gouf de Veräin an den 1970er Jore gegrënnt vu puer motivéierte Jonken.

Vu Generatioun op Generatioun ass d'Freed um Duerfliewen, de Spaass u gemeinsamen Aktivitéiten a Fester weidergaangen. De Veräin hat an der Vergaangenheet eng kleng Paus gemaach a gouf 2012 nees aktiv an d'Liewe geholl duerch puer motivéiert Rippweiler. Zënterdeem stoung scho sou munches um Programm an et goufe Saachen ausprobéiert wéi zum Beispill e Fußballsnuetstournoi oder och Mexikanesch Owender zu Rippweiler am Centre Culturel (och genannt: Bau). Awer déi wichtegst Fester, déi zu Rippweiler net dierfe feelen an eng Mussesaach, si fir eis Rippweiler Jugend, dat ass e Meekranz banne goen, Grillen a Gedrénks fir d'Grottefeier zerwéieren, de Kleeschen op senger Rees duerch d'Duerf de 5. Dezember ënnerstëtzen an och d'Verbrenne vum Wanter mam Buergbrennen. Wéi dir gesitt, hu mir iwwert d'Joer ëmmer eng ze dinn an eppes ze plangen.

Mam After-work, dee lo soll eng fest Plaz an eisem Kalenner kréien, eemol am Summer an eemol am Wanter, probéiere mir och zu Rippweiler nach méi Liewen an dat kleng Dierfchen ze kréien a mir hoffen, dass iech dës Owender genau sou gutt gefalen ewéi eis.

Och wa Rippweiler e klengt Duerf ass an d'Jugend sech a Grenzen hält, si mir houfreg kënnen ze soen,

dass mir ëmmer rëm Motivéierter hunn, déi de Veräin um Lafenden halen. Soumat freeë mir eis matzedeelen, dass e gréissere Wiessel bei eis usteet. No ville Joren zitt eis Präsidentin sech zeréck an iwwergëtt dem Amy Thill de Poste vun der Präsidentin. Och de Rescht vun den alen Huesen zitt sech lues a lues zeréck an eise Comité kritt eng nei Form, eng Jonk! Als Vize-Präsident stäerkt de Pitt Harpes dem Amy de Réck an den Nick Barthel hellt als Sekretär de Pabeier- an d'Digitalkompetenz an Aarbecht. Den Noah Kerschen iwwerhëlt als Schatzmeister d'Keess a passt ob, dass si d'Suen net zur Fënster rausgeheien.

Eise klenge Veräi verännert sech a gëtt nees jonk. Dobäi wäerte mir awer ni e ganz besonnesche Member vergiessen, dee leider duerch e schlëmmt Verkéiersaccident 2021 säi Liewe verluer huet, de Joe Schmit. Hie war ëmmer op all Soirée, Owend a Fest do fir ze hëllefen oder och wann et nëmme fir ze botzen an ze raume war. Hie war sech fir näischt ze schued.

Seng Geschichten an seng Präsenz liewe weider an eisen Häerzer an Erënnerungen.










Info

**Rippweiler Jugend**

Bass du op d'mannst 15 Joer al an hues Loscht op gutt Gesellschaft, Fester ze organiséieren, Owender am Clubsall ze verbréngen an och Saache mat eis ze ënnerhuelen, da mell dech bei engem vun eis!
**Mir freeën eis op dech!**

- Amy Thill: 671 220 807
- E-Mail: rippjugend@gmail.com

TEXT: PIERRE DA SILVA

# Generalversammlung des Senioreforums

Am Sonntag, dem 15. März, fand in Useldingen die jährliche Generalversammlung des Senioreforums statt.

Nach ihrem Willkommenswort übergab die Präsidentin Mady Wolff-Tholl das Wort an den Sekretär Pierre Da Silva, der den Tätigkeitsbericht für das Jahr 2025 präsentierte.

## Tätigkeitsbericht 2025

Das vergangene Jahr war reich an Veranstaltungen und Aktivitäten:

- 4 Tage der offenen Tür
- 9 gemeinsame Mittagessen mit jeweils 50 bis 55 Teilnehmern
- Niklosfeier (50 Personen)
- Gemeinsames Essen „Chez Gloria“ in Eschduerf (35 Personen)
- Essen im Altersheim von Rédange gemeinsam mit den dort wohnenden Mitgliedern (50 Personen)
- Essen im Restaurant „Um Wier“ in Useldingen (52 Personen)
- Das traditionelle Grillfest mit 175 Teilnehmern
- Teilnahme am Castle Fun
- Erste Ausgabe des Zoppemettëg in Everlangen (100 Personen)
- Weihnachtsessen (80 Personen)





Auch fünf Ausflüge wurden organisiert: 10. April nach Köln (35 Personen), 2.-5. Juni an den Bodensee (20 Personen), 3. Juli nach Koblenz (45 Personen), 18. September in den Park von Bettemburg (40 Personen) und am 11. Dezember auf den Weihnachtsmarkt St. Wendel (50 Personen)

## Finanzbericht

Anschließend stellte der Schatzmeister Gast Wetzel den Kassenbericht vor. Für das Jahr 2025 wurden Einnahmen von ca. 12.500€ und Ausgaben von rund 8.200€ verzeichnet, was zu einem Überschuss von 4.300€ führte.

Die Kassenprüfer bestätigten die Richtigkeit der Zahlen. Der langjährige Kassenrevisor Roger Jacoby, der seinen letzten Kassenbericht vorgelegt hatte, wurde für sein Engagement herzlich gedankt und erhielt ein Geschenk des Komitees. Martin Loos (genannt Änder) stellte seine Kandidatur als neuer Kassenprüfer vor und wurde einstimmig von der Versammlung gewählt.

## Erweiterung des Komitees

Ein neues Mitglied, Pierette Ehman, wurde zur Wahl in das Komitee vorgeschlagen. Die Generalversammlung nahm ihre Kandidatur einstimmig an.

## Anpassung des Mitgliederbeitrags

Im Namen des Komitees schlug der Vizepräsident Raoul Schaaf eine Erhöhung des Jahresbeitrags von 10€ auf 12€ vor. Die Versammlung stimmte dieser Anpassung zu. In diesem Zusammenhang informierte er die Mitglieder außerdem über die Neuerungen der aktuellen Gesetzgebung zu a.s.b.l.-Vereinen.

## Ausblick auf das Jahr 2026

Der Sekretär Pierre Da Silva stellte anschließend das Programm für das Jahr 2026 vor, in dem das



Senioreforum sein 20-jähriges Bestehen feiert. Die Jubiläumsfeier findet am 18. April statt.

Geplant sind unter anderem:
3 Tage der offenen Tür, 9 gemeinsame Essen, Grillfest am 7. Mai, Castle Fun im August, Suppenowend am 10. Oktober, Essen im Altersheim Rédange am 15. Oktober, Essen „Um Wier“ am 27. Oktober, Niklosfeier am 13. Dezember, Weihnachtsessen am 17. Dezember usw.

Zudem sind sechs Ausflüge geplant, unter anderem: 19. März nach Kirwiller, 1.-5. Juni nach Nürnberg, 26. Mai: Besuch der SEBES mit anschließendem Mittagessen bei „Gloria“ in Eschduerf, sowie weitere Tagesausflüge

Der Sekretär bedankte sich beim gesamten Komitee, beim Küchenteam sowie bei der stellvertretenden Sekretärin Anita MUNHOWEN für ihre Unterstützung.

Ein besonderer Dank galt der Präsidentin für ihre außergewöhnliche Arbeit.

### Spendenübergabe und Abschluss

Das Komitee überreichte einen Spendenscheck an die karitative Vereinigung Wonschstär.

Der Fotograf Charel Reiser hielt die Veranstaltung in einer Reihe gelungener Fotos fest.

Zum Abschluss richtete der Bürgermeister einige Worte an die Anwesenden, bevor das Komitee Kaffee und Kuchen an seine Mitglieder ausgab.

TEXT & FOTO: CHARLES REISER

# E Kaddo fir d'Jubilare vum Senioreforum



Et gehéiert schon zënter Joren zur schéiner Traditioun beim Senioreforum Useldeng, fir hir Jubilaren am Kader vun hirer Generalversammlung mat engem Kaddo als Unerkennung, ze éieren.

Follgend Gebuertsdagskanner hu gratuléiert kritt:

- fir 85 Joer: Hilda Muller-Becker, Fernande Freylinger, Margot Barthel-Reckinger, Helga Weber-Massonet an Odile Frank-Tobes;
- fir 80 Joer: Juliette Origer-Bertholet, Jeannot Meyers, Paul Linckels-Winandy, Andrée Glesener-Leytem a Josée Losch-Hamen;
- fir 75 Joer: Cécile Heck, Marguy Reichert-Bodeving, Triny Laroche, Marie-Louise Kries-Welter, Liliane Schneider-Schmit an Annie Linster-Rasqué;
- fir 70 Joer: Chantal Schaul-Thein;
- fir 90 Joer: Madeleine Nierenhausen-Kremer, Joseph Kleer, Denise Goedert- Knops, Marthe Kleer-Meyers, Alice Feinen-Jacoby, Théophile Schroeder a Olga Thimmesch-Bannella.

Déijéineg Jubilaren, déi bei der Versammlung nit konnten derbäi sinn, ass och ganz häerzlech gratuléiert ginn.

FOTO & TEXT: CHARLES REISER

# De Senioreforum iwwerreecht 1.000 Euro fir d'Fondatioun Wonschstär




Am Kader vun hirer statutarescher a ganz gutt besichter Generalversammlung huet de lokale Senioreveräi sech vun der beschter Säit gewisen, fir eng Spend fir karitativ Zwecker weiderzeginn.

Duerfir war et fir d'Presidentin Mady Wolff-Tholl eng besonnesch Freed, alle Membere kënne matzedeelen, datt eng Zomm vu 600 Euro beim Verkaf vun der Tombola vun der Chrëschtfeier, déi vun de Membere vum Senioreforum gespent gouf, zesummekomm ass. Fir weider 400 Euro huet de Kommitee sech spontan bereet erklärt, fir di Gesamtzomm dann op 1.000 Euro eropzesetzen.

Mat hirem opriichtege Merci hunn d'Bernadette Neu an d'Nicole Greiwelding dunn de Scheck vun 1.000 Euro entgéintgeholl, deen der „Fondatioun Wonschstär" integral zeguttkënnt.

Ofschléissend hu si hir Vereenegung am Detail virgestallt, wou des Spend vun Useldeng integral fir hir Projeten och wierkungsvoll agesat gëtt.

FOTOEN: CHAREL REISER

# Impressiounen vum Chrëschtconcert vun der Iewerlenger Chorale















FOTOEN: CHRISTIANE HARPES

# Fotoen aus der Gemeng











# Weekend vum Wëlle Westen & Ouverture Gîte Randschelt

## Een touristescht Fest fir grouss a kleng am Musée Thillenvogtel

**28. Juni / 10h00-18h00**
**Entdeckt wat de „Wëlle Westen“ touristesch ze bidden huet!**

**Gratis Animatioun fir d'ganz Famill**

- Gratis guidéiert Visitte vum Musée Thillenvogtei & Ateliere fir Kanner an Erwuessener - Reservatioun vun der Auerzäit op der Plaz

- Workshops an Infostänn vun den touristesche Partner a Veräiner aus dem „Wëlle Westen“

- Gratis Animatioun & Spiller fir Kanner iwwert de ganze Site verdeelt: Facepainting, Spiller aus Holz, Intefëschen, Atelier Schoulstonn & Wäffelcher baken, Foto-Eck, Quizzer mat flotte Gewënner, Optrëtter, Schiferworkshop, Bastelatelier, Live Bitz- an Häkelatelier a villes méi!

- Iessen a Gedrénks: Grillstand, Fritten, Pizzabaguette, Nuddelen, Kuch, Panesch, Cocktailen ...

- Musikalesch Ënnerhalung:
- Ab 11:00: Optrëtter vun der Musikschoul Kanton Réiden
- Ab 13:45: Concert Les Gavroches
- Ab 16:30: Concert Powerblech

## Aweiung vum Gîte zu Randschelt

Dat aalt Paschtoueschhaus zu Randschelt krut eng nei Funktioun a kann ab elo Reesender a senge Raimlechkeete begréissen.

Entdeckt d'Renovatioune wärend der Porte-Ouverte, no der offizieller Aweiung vum Vakanzenhaus, am Kader vum Weekend vum Wëlle Westen.

**Info**

**TouristInfo Wëlle Westen**

T +352 28 33 45
tourisme@kanton-reiden.lu

Méi Informatiounen
www.visitwellewesten.lu
FB@visitwellewesten







FOTOEN CHAREL REISER / TEXT: KANTON RÉIDEN

# Raumvision Kanton Réiden 2025 – 2050

Nach mehreren Jahren der Analysen, öffentlichen und politischen Befragungen sowie der Festlegung strategischer Leitlinien startet der Kanton Réiden nun in die konkrete Umsetzung seiner Raumvision 2035–2050.

Am 2. März wurde das Arbeitsprogramm im Beisein des Ministers für Wohnungsbau und Raumentwicklung, Claude Meisch, sowie politischer Vertreter und kommunaler und staatlicher Beamter vorgestellt; der Minister würdigte die interkommunale Zusammenarbeit und sicherte seine weitere Unterstützung zu.

Für 2026–2027 wurden sieben prioritäre Projekte definiert, die alle fünf Handlungsfelder der Raumvision abdecken – Governance und Zusammenarbeit, Zentralitäten im ländlichen Raum, nachhaltige und flächensparende Regionalentwicklung, Energieautarkie sowie Klimaanpassung und Ressourcenschutz, Mobilität, Tourismus und Digitalisierung.

Vorgesehen sind unter anderem eine Machbarkeitsstudie für ein regionales Verwaltungsgebäude, der Ausbau des Austauschs zwischen Gemeindeverwaltungen,








die Erarbeitung eines Kulturentwicklungsplans, eine strategische Phase zu neuen Wohnformen, eine Machbarkeitsstudie zur kantonalen Stromverteilung sowie das Vorprojekt eines kantonsweiten Wanderwegs „Lebensweg".

Diese Projekte bilden die Grundlage für eine abgestimmte, nachhaltige und zukunftsorientierte Entwicklung des Kantons und werden im Rahmen der Kooperationsvereinbarung Staat–Syndikat Kanton Réiden vom Ministerium unterstützt.

# REPAIR CAFE 2026

**Nächste REPAIR CAFE am KANTON RÉIDEN**
**Prochain RDV du REPAIR CAFE du CANTON DE REDANGE**

## Samschdes / Samedi 13.06.2026
## zu / à Vichten

14h00 -17h00 - Festsall
32, rue Principale L-9190 Vichten

**GRATIS - GRATUIT**

### Mir flécken / Nous réparons :

- Electrique
- Vélos
- Mécanique
- Petits travaux de couture
- Affûtage de couteaux
- Informatique

### CAFE

Verkaf vu Gedrénks a Kuch

Vente de boissons et gâteaux




KANTON RÉIDEN

SAC BLEU · BLAUER SACK · BLUE BAG ·

# COMMANDEZ
## VOS SACS BLEUS EN LIGNE !

sur **valorlux.lu**
en scannant le **QR code**

**www.valorlux.lu**




Livraison des sacs à domicile ou retrait dans une de nos stations-service partenaires

VALORLUX BE THE CHANGE

Gutt ze wëssen

# Par ATERTDALL SAINTE-CLAIRE

**CENTRE PAROISSIAL:** 40, Grand'rue L-8510 Redange-Attert
Site: https://cathol.lu/atertdall

**ÉQUIPE PASTORALE:**
Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-doyen Tél: 661 746 852 jjf@scj.lu
Père Antoine DO SCJ, vicaire T: +33 695 24 33 19 Mail : antoine.do@cathol.lu
Père Jacques BAGNOUD, subsidiaire Mail : jacques.bagnoud@cathol.lu
Père Vincent BILLOT, subsidiaire Mail : vincent.billot@cathol.lu

**SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES Tél: 23 62 10 53** / atertdall@cathol.lu Michèle ASSERAY, secrétaire
**KRANKEN- & ALTENPASTORAL** Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855 Marie Claire RASQUÉ
**NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES Tél. 621 686 102**

---

## Gottesdingschter an der Par

Päischtsonndig, de 24. Mee um 15.30 Auer zu Randschelt am Park: Festmass zu Éier vum **Hl. Willibrord** fir déi ganz Par Atertdall Sainte-Claire
Päischtméindig, de 25. Mee um 10.00 Auer zu Nojem bei der Grott: Festmass zu Éier vum **Hl. Willibrord** & Prëssessioun
Päischtméindig, de 25. Mee um 10.00 Auer bei der Kapell zu Reimberg/Préizerdaul: Festmass zu Éier vum **Hl. Rochus**, Patréiner vun de Bäcker-Mëller a Pâtissiers zelebréiert vum *Abbé Charel Bremer,* Paschtouer an der Par Mëllerdall Saint-Michel

**Sonndig**, den 31. Mee um 10.45 Auer zu Useldeng: Houmass – **Hellig Dräifaltigkeet**
**Freidig**, den 12. Juni um 18.30 Auer zu Iewerleng: Mass mat Häerz-Jesu-Feier
**Méindig**, den 22. Juni um 18.45 Auer zu Useldeng: **TE DEUM** zum Nationalfeierdag
**Sonndig**, den 28. Juni um 10.45 Auer zu Useldeng: Houmass




## Week-end vun den oppene Kierchen: 5.-7. Juni an der Gemeng Réiden:

Am Kader vum WOK gëtt zu RÄICHEL an der Kierch, freides, de 5. Juni um 19.30 Auer de Film:

***„DER NEUNTE TAG"***

gewisen. Dëst ass eng Verfilmung vum **Paschtouer Mgr. Jean BERNARD** sengem Buch

**„PFARRERBLOCK 25487"**


Konferenzen an der Kierch zu RÄICHEL iwwert säin Wirken zu Räichel a säint Liewen sin de 6. Juni um 11.00 Auer an um 16.00 Auer. De 7. Juni um 16.00 Auer.

De 6. an den 7. Juni jeweils um 14.00 Auer zu Réiden bei der Kierch: Visites guidées vun de Monumenter a vum Zaldotegraf um Kierfecht.

De Masseprogramm a vill weider Informatiounen fannt Dir an eisem Parbréif oder um Internet
https://web.cathol.lu/article8890
**Spenden fir den Drock vum Parbréif: BCEELULL LU57 0019 5055 9545 4000**
**Kierchefong C.T. / Atertdall Sainte-Claire**

GEMENG USELDENG

KANTON REIDEN ENVIRONNEMENT




Investir dans des panneaux solaires est une démarche pertinente pour réduire les coûts énergétiques à long terme. Toutefois, le financement initial peut représenter un obstacle. Le préfinancement étatique facilite considérablement cette étape.

### Que signifie le préfinancement ?

Dans le cadre du préfinancement, l'entreprise artisanale exécutante introduit directement la demande de subvention auprès du ministère de l'Économie. La part subventionnée des aides Klimabonus est ensuite déduite de la facture finale. **Les clients ne paient dès lors que ce qui reste à leur charge**, tandis que l'entreprise reçoit le montant de l'aide au plus tard dans un délai de quatre semaines.

Pour les bénéficiaires, cela signifie qu'aucune avance totale n'est nécessaire et que la charge administrative est réduite. L'entreprise artisanale prend en charge l'ensemble de la procédure.

Simulez les aides étatiques pour votre installation solaire sur **aides.klima-agence.lu**.

### Conditions d'éligibilité

Le préfinancement s'applique uniquement aux :

- installations photovoltaïques sur des **bâtiments résidentiels** ou comprenant au moins une unité d'habitation
- installations fonctionnant **en mode autoconsommation** (sans tarif d'injection garanti)
- offres signées **au plus tard le 31.12.2029**
- demandes de subvention introduites **avant le 31.12.2031**
- factures dont les acomptes déjà versés ne dépassent pas **30 % du montant final TTC** tel que projeté dans l'offre signé par le demandeur
- entreprises artisanales inscrites au **registre des entreprises autorisées pour le préfinancement**
- installations photovoltaïques seules ou combinées à un système de batterie.

### Comment se déroule la procédure ?

1. **Signature de l'offre** : l'offre de l'entreprise doit être signée au plus tard le **31.12.2029**. Le mandat pour le préfinancement est signé au même moment.
2. **Introduction de la demande** : l'entreprise enregistrée introduit la demande de préfinancement auprès du ministère de l'Économie sur myguichet.lu.
3. **Installation de l'équipement** : une fois la demande approuvée, l'installation est réalisée. L'installation doit fonctionner en **mode autoconsommation**.
4. **Facture finale** : le montant préfinancé ainsi que les **acomptes versés** sont directement déduits. Les clients ne paient que le solde restant.
5. **Versement et attestation** : l'entreprise reçoit la subvention au plus tard quatre semaines après l'introduction de la demande. L'entreprise et le client reçoivent une attestation mentionnant le montant accordé, permettant au client de solliciter d'éventuelles **aides communales** complémentaires.

Scannez le code QR pour plus d'informations sur le préfinancement

klima agence

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Conseil indépendant et gratuit**
klima-agence.lu • 28 33 44

Gutt ze wëssen

## Ackerkartierung in Ihrer Gemeinde

Im Sommer 2026 führt das Naturschutzsyndikat SICONA eine **botanische Kartierung der Äcker** auf dem Gemeindegebiet durch.

Die Erfassung erfolgt im Auftrag der Gemeinde. Das Ziel der Kartierung ist die Erarbeitung einer aktuellen Übersicht über das **Vorkommen** der kleinen und unscheinbaren, bedrohten **Ackerwildkräuter** in der Gemeinde. Mit dem Wissen über die Verbreitung der gefährdeten Pflanzen können Landwirte zum Vertragsnaturschutz beraten und die Gemeinde im Rahmen des Naturpaktes unterstützt werden.



*Das Acker-Löwenmäulchen ist eine früher weit verbreitete, heute jedoch stark im Rückgang begriffene Art der Getreideäcker.*



*Noch stärker bedroht ist der Große Frauenspiegel.*

**In den Sommermonaten gehen Mitarbeitende des SICONA an den Rändern der Ackerflächen entlang und notieren die dort vorkommenden Ackerwildkräuter.** Es werden dabei keine Schäden an den Feldfrüchten entstehen, es wird nichts plattgetreten. Manche Ackerwildkräuter sind auffällig und allbekannt, insbesondere Klatschmohn und Kornblume. Um andere zu entdecken, z. B. das Acker-Löwenmäulchen oder die Ackerröte, müssen wir genauer hinsehen und um die Äcker herumgehen.

**Erfahren Sie mehr zu unseren heimischen Ackerwildkräutern:**

**Vielen Dank für Ihr Verständnis und Interesse!**


---

Weitere Informationen auf **sicona.lu**

Das Naturschutzsyndikat SICONA besteht aus 44 Mitgliedsgemeinden im Südwesten und Zentrum Luxemburgs. Ziel von SICONA ist die Erhaltung der heimischen Artenvielfalt und der naturnahen Lebensräume. Neben Landschaftspflegearbeiten ist die Wiederherstellung von Lebensräumen ein Schwerpunkt der Arbeit von SICONA.

12, rue de Capellen L-8393 Olm - T: 26 30 36 25 - E: administration@sicona.lu

Gutt ze wëssen



# SICONA day 06.06.2026

SICONA Naturschutzsyndikat

Léiert de SICONA a seng Naturschutzprojete kennen

**Naturschutz an der Praxis - sidd ganz no dobäi!**

**Déieren & Planzen um Gewässer, an der Wiss an um Aker • Produktioun vu Wëllplanzen • Wanderschéiferei • SICONA kids • Naturpakt • Fuerpark • Visitt op engem *Natur genéissen*-Betrib**

**... a villes méi!**






**09:30-16:30 Auer**
**Atelier technique SICONA Kielen**

**Programm: sicona.lu**

Gutt ze wëssen

# Sectioun Kanton Réiden


natur&ëmwelt

## Die Faszinierende Welt der Leuchtkäfer.

Glühwürmchen sind eine Käferart aus der **Familie der Leuchtkäfer oder Lampyridae**.
In Luxemburg, genauer in Mitteleuropa, kommen drei Arten von Leuchtkäfer vor:
1. Großer Leuchtkäfer (Lampyris-noctiluca)
Bekannteste Art, Weibchen sind flugunfähig und leuchten intensiv am Boden um Männchen anzulocken. Männchen leuchten kaum.



"Dieses Foto" von Unbekannter Autor ist lizenziert gemäß CC BY




"Dieses Foto" von Unbekannter Autor ist lizenziert gemäß CC BY-

**2.Kleiner Leuchtkäfer (Lamprohiza splendidula)**
Im Gegensatz zum großen Leuchtkäfer können hier auch die Männchen leuchten. Weibchen leuchten ebenfalls

**3.Kurzflügel-Leuchtkäfer (Phosphaenus hemipterus)**

Beide Geschlechter können fliegen, kaum leuchtend

Glühwürmchen leuchten durch eine chemische Reaktion, die als Biolumineszenz bezeichnet wird. Das Leuchtorgan befindet sich am unteren Teil ihres Hinterleibs. Da kaum Energie als Wärme verloren geht, ist das „ kalte Licht“ sehr effizient. Die Käfer besitzen einen Leuchtstoff namens Luziferin, der mit Luziferase und Sauerstoff zum Leuchten gebracht wird. Meist leuchten die Weibchen. Nur beim kleinen Leuchtkäfer leuchten auch die Männchen.

natur&ëmwelt

# Sectioun Kanton Réiden

Der Lebensraum der Glühwürmchen, wie sie wegen des larvenähnlichen Aussehens der Weibchen, im Volksmund genannt werden, befindet sich in feuchten Laubwäldern, in Heckensäumen mit Unterbewuchs, und feuchten artenreichen Magerwiesen, sowie in naturnahen pestizidfreien Gärten und Parks.

**Ihr Vorkommen ist ein Indikator für gesunde strukturreiche Lebensräume mit hoher Artenvielfalt.**

Glühwürmchen haben trotz ihrer Warnsignale wie Leuchten und Ungenießbarkeit natürliche **Fressfeinde** wie Frösche, Vögel und Spinnen. Die Larven verteidigen sich schon durch ein schwaches Leuchten, das auf ihre Fressfeinde abschreckend wirkt, ausgewachsene Käfer werden selten zur Beute.

Durch zunehmende Lichtverschmutzung, häufiges Mähen und das Ausbringen von Schneckenkorn bleibt der Mensch der größte Feind der Leuchtkäfer.

In warmen trockenen Nächten ab Mitte Juni bis Mitte Juli können wir, wenn der Lebensraum geeignet ist, leuchtende Glühwürmchen fliegen sehen. Es handelt sich dabei immer um ein Männchen des Kleinen Leuchtkäfers, das Weibchen sitzt versteckt im Gras und lockt ein paarungswilliges Männchen mit einem Lichtreiz an.

Nach der Paarung legt der weibliche Leuchtkäfer ungefähr 60-90 Eier unter Totholz, Steinen oder in den Wurzelbereich von Gräsern ab, nach einem Monat schlüpfen die jungen Assel ähnlichen Larven, und machen sich bald auf Nahrungssuche.

Sehr zur Freude der Gartenbesitzer besteht ihre **Nahrung** hauptsächlich aus Gehäuse- sowie Nacktschnecken, die sie mit einen giftigen Biss töten, und auf der Stelle verspeisen oder fortschleppen. Dabei töten sie Schnecken die doppelt so lang sind, wie sie selbst.

**Glühwürmchen können somit als Nützlinge im Garten betrachtet werden.**

Nach etwa drei Jahren im Larvenstadium, verpuppen sich die Larven des kleinen Leuchtkäfers (14 Tage) und schlüpfen dann als erwachsene Käfer, welchen dann nur noch wenige Wochen Lebenszeit bleibt. Sie nehmen keine Nahrung mehr auf, sondern zehren an ihren angefressenen Reserven aus ihrem Larvenstadium. Ihr einziges Ziel besteht nun darin sich möglichst schnell zu paaren, um den Fortbestand der Art zu garantieren. Die Männchen sterben nach der Paarung, ihr Lebenszweck hat sich erfüllt. Die Weibchen sterben nach der Eiablage.

Das Senden der Leuchtsignale kostet die Käfer viel Energie, und hier kommt nun das immer dramatischer werdende Problem der **Lichtverschmutzung** ins Spiel, das die Paarungssignale der Käfer erheblich stört. Die Männchen werden durch die vielen Lichtquellen auf ihrer Suche nach den Weibchen abgelenkt, finden sie nicht, was einen Rückgang der Population mit sich bringt.

natur&ëmwelt

# Sectioun Kanton Réiden

Die Verringerung ihrer natürlichen Lebensräume, durch Bebauung und intensive Landwirtschaft, der Einsatz von Pestiziden sowie Schneckenkorn, das ihre Nahrungsgrundlage zerstört, sowie die heißen, trockenen Sommer infolge des Klimawandels setzen den Leuchtkäfern in hohem Maße zu und gefährden ihren Bestand.

Wie können wir die Leuchtkäfer in unseren Gärten unterstützen:

- Verzichten sie bitte auf künstliches Licht in ihrem Garten, nutzen sie Bewegungsmelder bei Treppen und kleine Lichtquellen, die das Licht nach unten abgeben.
- Lichtverschmutzung stört ebenfalls den Biorhythmus vieler anderer Tiere wie z.B. Nachtfaltern und Fledermäusen.
- Klären sie ihre Nachbarn und Freunde über die schädlichen Auswirkungen der Lichtverschmutzung auf.
- Setzen sie sich in ihrer Gemeinde für ein intelligentes Dimmen der Straßenbeleuchtung oder deren komplettes Ausschalten während ein paar Stunden in der Nacht ein, wie z.B. in der Gemeinde Waldbillig.
- Lassen sie im Herbst das Laub auf den Blumenbeeten und unter ihren Sträuchern liegen, dies bietet den Larven und anderen Insekten ein sicheres Versteck.
- Mähen sie ihren Rasen seltener, oder lassen sie das Gras in Teilen ihres Garten höher wachsen.
- Verzichten sie auf den Einsatz von Pestiziden und Schneckenkorn in ihrem Garten. Schützen sie Salat und Kräuter durch Schneckenzäune und pflanzen sie empfindliche Gemüse in Hochbeete.
- Bevorzugen sie schneckenunempfindliche Wildblumen im Blumenbeet anstatt pflegeintensiver Stauden.
- Legen sie eine wilde Ecke in einem schattigen bis halbschattigen feuchten Bereich ihres Gartens an. Dazu passt ein **Totholzhaufen** als Versteckmöglichkeit für die Larven, andere Käferarten oder Amphibien. Unterpflanzen sie das Totholz mit Farnen und Wildstauden, wie Waldmeister, Waldziest, Glockenblumen, Taubnesseln sowie Brennnesseln, welche die Hauptnahrungsquelle der Raupen von unseren Tagfaltern, wie Tagpfauenauge, kleiner Fuchs, Landkärtchen und Admiral sind.
- Legen sie einen kleinen Tümpel mit einheimischen Wasserpflanzen an.


Wenn sie dann während einer warmen Juninacht die Männchen der Kleinen Leuchtkäfer während ihres Hochzeitsfluges beobachten können, wissen sie dass sie in ihrem eigenen Garten alles richtig gemacht haben.

Ein Sprichwort besagt:
**In einem Garten in dem Glühwürmchen leben,herrscht ein guter Geist.**

Barthelmy Brigitte

Section Canton de Redange 8, rue d'Everlange L-.8707 Useldange - tel. 23 630 622
comptepostal LU82 1111 0528 6193 0000

# Save the date




## Mee

### 23.05 — SA

**Galaconcert**

- Useldeng
  Sportshal
- Harmonie Useldeng

### 25. › 27.05

**Jugend Fussballcamp**

- Useldeng
  Terrain Nic. Anzia
- Jugendkommisioun FC Jeunesse

### 30.+ 31. 05

**Kiermes**

- Schandel
- Schandeler Duerffrënn a.s.b.l.

# Juni

## 05.06 — FR

**Schaulust - Theater**

- Useldeng
  ManuKultura
  Cabaret Sall
  20H00 (18€)
- Kultur a Buergfrënn

*__Schaulust__ das Spontantheater, das eine einzigartige gemeinsame Bühnensprache spricht.*

*Bei __Schaulust__ trifft Lachmuskel auf Tiefgang & Überraschung auf Folgerichtigkeit. Alles ist möglich. Denn: Wir machen Schau-Lust.*

*Wir zeigen Lebens-Banalitäten & Besonderheiten. Wir bringen Geschichten & Charaktere aller Facetten aus dem Stegreif auf die Bühne: Comedy, Zartes & Hartes – schräg oder gerade gewickelt.*

*Geboren wurde die Truppe im Laufe einer zweijährigen Improvisationsschauspielausbildung und ihre Mitglieder stammen aus einem Dreieck zwischen Berlin, Luxemburg und der Schweiz. Sie tritt, neben anderen Engagements, regelmäßig im Improtheater in Mannheim auf.*

*Starring diesmal: Alain Adams, Cory Endele, Birgit Ising, Srdjan Maksimovic, Ralf Priemer, Nele Weber und Sabine Wulf.*

*Musik: Joe Weiß*
*Info & Inscription:*
*manukultura@usedeng.lu*
*23 63 00 51 28*


Schaulust - Theater

## 07.06 — SO

**Generalversammlung a Mammendagsfeier**

- Useldeng
  Centre Culturel
- Gaart an Heem

## 07.06 — SO

**Iewerlenger Schoulbistro ass op**

- Iewerleng
  Schoulbistro
- Iewerlenger
  Bréckestäiler

## 13.+14.06

**Mëttelalterfest**

- Useldeng
- Härenequipe Useldeng

## 21.06 — SO

**Casteleride 2026**

- Useldeng
  Terrain Nic Anzia
- FC Jeunesse

## 22.06 — MË

**Virowend vun Nationalfeierdag**

- Useldeng
  am Buerghaff
- Gemeng /
  Kultur a Buergfrënn

*Programm:*

- *18h30 ............ Cortège*
- *18h45 ............ Te Deum*

## 28.06 — SO

**Trëppeltour nom Bësch un den Dësch**

- Rippweiler
- Duerffrënn Rippweiler

## 30.06 — DË

**Senioreniessen**

- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum






# Juli

## 05.07 — SO

**Iewerlenger Schoulbistro ass op**

- Iewerleng Schoulbistro
- Iewerlenger Bréckestäiler

## 11.07 — SA

**Duckrace**

- Iewerleng Schoulhaff
- Iewerlenger Bréckestäiler






## 14.07 — DË
**Ofschlossconcert**
- Useldeng
  Tit Schroeder Plaz
- Harmonie Useldeng

## 18.07 — SA
**Open Air Festival**
- Useldeng
  Oekoparking
- Club des jeunes
  Useldeng

## 19.07 — SO
**Kiermes & Hämmelsmarsch**
- Useldeng
- Harmonie Useldeng

## 24.07 — FR
**Afterwork**
- Rippweiler
- Rippweiler Jugend

## 26.07 — SO
**Christophorusfeier**
- Schandel
  Centre Culturel
- DT Schandel

## 28.07 — DË
**Senioreniessen**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

# August

## 02.08 — SO
**Castlefun am Buerghaff**
- Useldeng
- CCVEI

## 02.08 — SO
**Iewerlenger Schoulbistro ass op**
- Iewerleng
  Schoulbistro
- Iewerlenger
  Bréckestäiler

## 15.08 — SA
**Grottefeier op Maria Himmelfahrt**
- Rippweiler
- Oeuvres Paroissiales
  Rippweiler & CdJ

## 15.08 — SA
**Stärentour bei d'Grott**
- Rippweiler
- Kierch am Duerf



# Telefonsbuch

## Gemeng Useldeng
Tél.: 23 63 00 51-1

## Populatioun
- Tom Lehnert
  Tél.: 23 63 00 51-24
  tom.lehnert@useldeng.lu
  Mar : 13h > 19h
  Lun / mer / jeu / ven: 8h > 12h

## Sekretariat
- Marco Versall
  Tél.: 23 63 00 51-60
  marco.versall@useldeng.lu
- Daniel Philippe
  Tél.: 23 63 00 51-26
  daniel.philippe@useldeng.lu
- Bob Waltzing
  Tél.: 23 63 00 51-25
  bob.waltzing@useldeng.lu

## Recette communale
- Tessy Anen
  Tél.: 23 63 00 51-23
  tessy.anen@useldeng.lu

## Service technique
- Marc Ferber
  Tél.: 23 63 00 51-22
  marc.ferber@useldeng.lu
- Luca Denelle
  Tél.: 23 63 00 51-27
  luca.denelle@useldeng.lu

## Relations publiques
- Jil Peiffer
  Tél.: 23 63 00 51-61
  jil.peiffer@useldeng.lu

## Gemengenatelier
- Jean-Claude Ferber
  Tél.: 621 350 920
  jean-claude.ferber@useldeng.lu

## Schoulkomplex & Sportshal
- Olivier Pradier
  Tél.: 621 350 921
  olivier.pradier@useldeng.lu

## Primärschoul
Tél.: 26 61 14-1

## Maison Relais
Tél.: 26 61 14-50 / 621 350 927
maison.relais@useldeng.lu

## Fierschter
- Mike Van Rijen
  Tél.: 24 75 67 33 / 621 202 199
  mike.van-rijen@anf.etat.lu

KANTON RÉIDEN

## Mobilité
Tél.: 28334-040

## Logement (Haus Care)
Tél.: 28334-120

## Vivre Ensemble
Tél.: 28334-210

## Environnement - Conseil énergie
Tél.: 28334-4

## Environnement - Primes électroménagers
Tél.: 28334-430

## Tourisme
Tél.: 28334-5

## Registre national des personnes physiques (RNPP) / Myguichet.lu
Tél.: 24 78 20 00

## Chèque Service
Tél.: 80 02 11 12

## Office Social du Canton de Redange (OS CARE)
Tél.: 26 62 10 55-1

## Centre paroissial
Fir Begriefnisser:
Tél.: 621 686 102

## SIDEC Réiden
Tél.: 26 62 09 13

## SIDEC Fridhaff
Tél.: 80 89 83-1

## Maison de l'eau de l'Attert a.s.b.l.
Tél.: 26 62 08 08

## Home pour personnes agées St. François Redange
Tél.: 27 13 40 00

## Mobilitéit.lu
Tél.: 24 65 24 65

## Police
Tél.: 113

## Police Réiden
Tél.: 24 49 21 000

## Pompiers/Ambulance
Tél.: 112

GEMENG
USELDENG

www.useldeng.lu